



12. 6453 - Projet de loi portant modification

1) de la loi modifiée du 31 juillet 2006 portant introduction d'un Code du Travail;

2) de la loi modifiée du 12 juin 2004 portant création d'une Administration des services de secours

Rapport de la Commission des Affaires intérieures, de la Grande Région et de la Police

► **M. Ali Kaes** (CSV), *rapporteur*.- Voilà, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no deem grouse Moment fir den Norden, wou och ech extrem frou sinn, datt Clief natierlech en neie Lycée kritt,...

► **Plusieurs voix**.- Aaahhh!

► **M. Ali Kaes** (CSV), *rapporteur*.- ...hunn ech d'Éier, lech de Rapport vun der Commission des Affaires intérieures, de la Grande Région et de la Police iwwert de Gesetzesprojet 6453 virstellen, bei deem et engersäits em eng Gesetzesännerung vum ofgeännerte Gesetz vum 31. Juli 2006 iwwert de Code du Travail geet, an deem anerersäits eng Verbesserung vum ofgeännerte Gesetz vum 12. Juni 2004 iwwert d'Schafung vun enger Administratioun fir d'Noutdängschter bréngt.

Dese Projet gouf den 23. Juli 2012 vum Innenminister an der Chamber déposéiert. Et sinn eng ganz Rei vun Avisen erakomm. Dorops wäert ech spéider ze schwätze kommen. Den 12. November sinn ech vun der Kommissioun als Rapporteur ernannt ginn. Nodeems d'Kommissioun dee ganzen Dossier mat den Avisen examinéiert hat, goufe véier Amendementer virgeschloen, déi dann och de 4. Dezember vum Statsrot aviséiert goufen. An hirer Sitzung vum 24. Januar vum neie Joer huet d'Kommissioun dunn de Rapport ugeholl.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dese Projet muss een u sech als Iwwergangsprojet gesi virun där grousser Reform vun de Services de secours. De Projet ënnersträicht de Wëlle vun der Regierung, fir dee fräiwëllegen Engagement besser unzërkennen, ze encouragéieren an och weiderhin ze förderen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer d'Entwécklung vun onsen Noutdängschter zënter dem Akraafttriede vum 2004er Gesetz ënnert d'Lupp huelen, stelle mer fest, datt grouss Problemer bestinn, wat d'Disponibilitéit vun de Fräiwëllegen ugeet. Duerfir hunn d'Responsabel vun de Centres de secours d'Noutbrems gezunn, andeems se eng öffentlech Demande gemaach hunn, full-time professionnell Personal anzustellen.

Bon, doropshin huet am September 2009 den Innenminister Experten ugestallt, eng Iwwerleeung iwwert d'Ëmsetzung vun enger institutioneller an operationeller Reorganisatioun vun de Lëtzebuurger Noutdängschter ze féieren. Den 11. Oktober 2010 huet de Grupp vun den Experten de Rapport un den zoustännnege Minister ofginn.

Här President, d'Grondiddi vun dese Propositione läit u sech op engem Regruppement vun der Protection civile an de Pompjeeën, an dat an enger gesamter, an enger globaler Struktur.

Momentan gëtt u sech un den Texter geschafft, fir e Projet de loi an deem Sënn kënnen ze presentéieren. Bis een zu enger Ëmsetzung vun der Reorganisatioun vun den Noutdängschter kënnt, muss een awer an der Tëschenzäit dréngend e puer Moosnamen ergräifen, déi e gudden Fonctionnement vun de Services, vun de jëtzege Services erméiglechen.

An der Praxis gesäit dese Gesetzesprojet vir, de Congé spécial fir déi Haaptresponsabel vun den Noutdängschterservicer, déi sech och mat administrativen a representativen Missiounen mussen befaassen, esou ze erweideren, datt déi betreffend Persounen net op hire Congé légal musse fir all déi Aktivitéiten zréckgräifen.

D'Situatioun ass déi, datt am Gesetz e Plaffong vun 42 Deeg am Aarbechtswies virgesinn ass, deem dann ebe fir déi grad genannte Leit soll erweidert ginn. D'Limite vun den 42 Deeg gëtt opgehuelen an et komme maximal siwe Congésdeeg pro Joer derbäi. De Gesetzestext gesäit am Artikel 16 ganz genau vir, wien iwwert dese Congé verfüegen däerf. Zudeem gëtt d'Méiglechkeet geschaf, fir hallef Congésdeeg ze huelen an domadder u sech méi rationnell mam Congé ëmzegoen.

Ausserdeem ass an deemem Projet virgesinn, datt de Code du Travail u sech, datt e Feeler do korrigéiert gëtt, fir den Artikel 5 vum ofgeännerte Gesetz vum 12. Juni 2004 iwwert d'Schafung vun enger Administratioun vun den Noutdängschter u sech am Text ze komplettéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll awer och nach e puer Wieder iwwert déi verschidden Avisë soen. A sengem Avis vum 9. Oktober 2012 huet de Statsrot säin Accord fir d'Démarche vun deemem Projet de loi ginn. E wollt awer betounen, datt een d'Notioun vum Jour ouvrable soll bäibehalen, wat de Congé spécial ubelaangt, fir sämtlech Mëssverständnisse ze vermeiden.

D'Kommissioun huet den Avis vum Statsrot a Betruecht gezunn an doropshin och Amendementer ugeholl. A sengem Avis complémentäire huet de Statsrot d'Virschléi vun der Kommissioun integral guttgeheescht.

Wat elo d'Berufschamberen ugeet, sou leie gläich véier Avisë vir, déi awer alle véier positiv sinn. D'Chambre de Commerce begreist de Projet an huet just e puer kleng Ureegungen. Den Avis vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics vum 8. Oktober félicitéiert d'Regierung, datt se iwwert deem heie Wee d'Volontariat am Noutdängschterservice ënnerstëtzt a motivéiert. D'Chambre des Métiers, hiren Avis ass vum 12. Oktober, huet u sech och keng Bedenke mat deemem Projet, an d'Chambre des Salariés gëtt och hiren Accord, mä huet eng Rei vun Iwwerleeungen a Suggestiounen opgefouert, op déi ech a mengem schrëftleche Rapport méi am Detail aginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll zum Schluss awer d'Wichtigkeet vum Bénévolat am Sécherheets- a Rettungswies ënnersträichen. D'Disponibilitéit vun hinnen ass méi wéi jee gefuerdert, well d'Zuel vun den Zwëscheffäll an d'Komplexitéit vun deenen Zwëscheffäll ëmmer weider zouhëlt.

Stellt lech nëmmen ee Moment vir, et géife keng fräiwëlleg Hëllefskräfte ginn! Dëst wier eng Katastroph! An den Einzelnen, deem Hëllef brauch, geséich eréischt dann déi wäertvoll Aarbecht, déi si all Dag onentgeltlech leeschten.

Wat wiere mer zum Beispill ouni fräiwëlleg Pompjeeën, déi hir Fräizäit hierginn an dobäi heiansdo hiert Liewe riskéieren, fir ons an Noutsituatiounen ze hëllefen? Datselwecht géllt natierlech fir d'Leit vun der Protection civile.

Ech sinn der Meenung, datt een dese wichtige Leit déi néideg Unerkennung muss ginn an hinnen op d'mannst de Kader bidden, deem hinnen erméiglecht, hir fräiwëlleg Aarbecht kënnen ze maachen, ouni datt dat negativ Répercussiounen op hiert Berufsliewen huet. Et geet hei ganz einfach em Respekt an em Solidaritéit.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir weider Detailler verweisen ech lech op mäi schrëftleche Rapport. Ech bieden lech, dese Projet ze stëmmen, a ginn och heimadder d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun, der CSV-Fraktioun, a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci dem Här Rapporteur. Éischte Riedner ass den Här Fernand Etgen. Här Etgen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Fernand Etgen** (DP).- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, kee Land, kee Stat, keng Gemeng kann op de fräiwëllegen Asaz vun der Basis vu sengen Hëllefsgeschter verzichten. Et ass awer och en oppent Geheimnis zënter Joren, datt d'Volontariat an enger seriöser Kris ass, an dat net nëmmen hei zu Lëtzebuerg.

Méi héich Qualitéitsuspréich an éierenamtlech Aarbecht bedéngt, datt des Aarbecht net ganz onbezuelt däerf bleiwen. Fräiwëllegkeet brauch Unerkennung, brauch Formatioun, brauch gesetzlech Basis, Plattformen, fir zesummeneschaffen, brauch Ënnerstëtzung vun öffentlecher Hand. De Stat muss Bedéngunge schaffen, fir datt d'Rettungsdängschter virun allem op koordinativem Plang besser kënnen funktionéieren.

An deemem Sënn begrëisse mir als Demokratescher Partei ausdrécklech de virleiende Projet iwwert d'Erweiderung vum Congé spécial. Et ass awer kee Cadeau, éischter ee Must. Et kann een net méi vun deenen, déi Responsabilitéit bei de fräiwëllege Rettungsdängschter iwwerhuelen, verlangen, datt si och nach hire Congé opfeeren, fir d'Gestioun vun hirer Aufgab ze maachen. Dat neit Éierenamt verlaangt Réciprocitéit vu Ginn a Kréien, an net nëmmen oneegennëtzegt Schaffen. D'Mesuren aus deemem Projet sinn also eng Selbstverständlechkeet.

Et ass awer och eng isoléiert Mesure, déi näischt un der aktueller Situatioun ännert. Mir brauchen esou séier wéi méiglech eng Reform vun de Rettungsdängschter. A wann ee gesäit, wéi schwéier datt de Minister sech gedoen huet mat deemem minimale Projet, wou eréischt iwwert de Wee vun Amendementer de Revendicatiounen vun der Pompjeesfederatioun Rech-

nung gedroe ginn ass, da gëtt et engem elle fir déi grouss Reform. Et huet un Dialog gefeelt, awer och u Wëllen.

Et ass nun emol wéi beim Asaz, datt fir déi néideg Reforme séier muss reagéiert ginn. D'Rettungswies ass ee permanente Kampf géint d'Auer. Ee Projet de plan national d'organisation des services de secours läit zënter Juli 2012 um Dësch. Zënterhier kee Piepstoun vum Innenminister! De Reformprozess geet an den Ae vun der Demokratescher Partei ze lues virun.

(Interruptions diverses)

Mir musse méi séier d'Objektiv vun engem eenheetleche Rettungsdängscht erreichen.

D'Aarbechtsgruppen an d'Experten hu bis elo eng fantastesch Aarbecht geleescht. Hinnen all géllt eisen opriichtege Merci. Dat virleiend Konzept bitt eng zolidd Basis, fir drop opzebauen. Et bleiwen awer nach Defiziter ze behiewen. De finanziellen Aspekt ass bis elo ausgeklammert ginn. Hei ass et un der Regierung, festzuleeën, wat een eenheetleche professionelle Rettungsdängscht dem Stat wäert ass.

An dann d'Fro vun der Struktur. Wéi institutionaliséiere mer déi méi enk Zesummenaarbecht tëschent Stat a Gemengen zu enger eenheetlecher Struktur um operationelle Plang?

Klärungsbedarf och nach fir de Profil vun den Hauptamtlechen; Berufsbild, gefrote Formatioun a Missioun bleiwen onkloer.

Vill Takt an Afillungsverméigen an déi richteg Sensibilitéit ass gefrot, fir datt d'Hallef- oder d'Deelfprofessionaliséiere sech net op d'Käschte vum Bénévolat mécht. An deem Schema solle Professionell déi Bénévol net kontrolléieren, si sinn net Supérieur a Léiermeeschter. Jiddweree muss seng définéiert Plaz hunn. Éischt Expérience weisen eis, datt d'Zesummenaarbecht net esou einfach ass, wéi ee sech dat gewünscht hätt. Déi Bénévol fille sech ganz oft entmündegt.

Här President, et ass elo um Innenminister, fir derfir ze suergen, datt de Reformprozess viru-geet a keen op der Streck bleift. Den Innenminister muss och den Dialog mat de Gesondheetsberuffer an anere Bedeelegte sichen, fir des Reform an aller Objektivitéit ze finaliséieren. Hei geet et em d'Sécherheet vun all eenzelne Bierger.

Ech wëll nach dem Rapporteur, dem Kolleeg Ali Kaes, Merci soe fir säi schrëftleche Rapport an him fir säi mëndleche Virtrag félicitéieren. Merci fir seng Aarbecht an lech alleguer Merci fir d'Nolauschteren.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci dem Här Etgen. D'Wuert kritt elo den Här Diederich.

► **M. Fernand Diederich** (LSAP).- Merci, Här President. Nodeems de Rapporteur den Accord vun der CSV-Fraktioun ginn huet, wëll ech him Merci soe fir dee Rapport an och gläichzäitig den Accord gi vun eiser Fraktioun, vun der LSAP, soudatt d'Regierung dese Projet och matdréit.

(Hilarité)

Mir begrëissen awer och d'Mesuren, Här President, déi an deemem Projet de loi fir eng Iwwergangszäit am Intérêt vun all deene Persounen geholl ginn, déi sech am Kader vum Bénévolat mat grousssem Engagement an am Respekt vu Wäerter wéi sozial Verantwortung a Solidaritéit asetzen, fir hire Matbierger am Noutfall déi beschtméiglech Hëllef ze leeschten. Merci dofir.

► **M. le Président**.- Merci dem Här Diederich. Ech mengen, de Rapporteur war esou komplett, datt mer net méi nach mussen eng Zousatzstellungnahm kréien. Domadder wier d'Diskussioun ofgeschloss. Den Här Minister wëllt awer nach dozou intervenéieren.

► **M. Jean-Marie Halsdorf**, *Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kuerz Interventioun, well awer e puer Saachen hei am Raum stinn, déi ech net gären esou stoe loos-sen.

Fir d'Éischt wollt ech soen, dass dat, wat haut hei geschitt ass, e weidere Schrëtt ass um Wee vun där Reform, wou mer esou wäit sinn, géif ech bal soen, wéi mer nach ni waren. De Rapport vun der Expertegrupp hat eis dräi Hausaufgabe ginn an enger éischter Phas, wann ech dat däerf esou formuléieren.

Als Éischt sollte mer haaptberufflech Mataarbechter astellen, besonnesch am Ambulanzdängscht, fir do de Service ze garantéieren. Dat ass geschitt, mat 25 haaptberufflechen Agenten. Op de 15. Februar ginn der elo nach eng Kéier zwielef no agestallt, wou déi Professionell sollen déi Bénévol encadréieren.

Eng zweet Moosnam war d'Afféiere vun enger Indemnitéit fir d'Permanencëstonnen. Dat ass och geschitt iwwert de Règlement grand-ducal vum 21. Mäerz d'lescht Joer, 2012, wou d'Leit

da fir Permanencëstonnen een Euro kréien an, wa se am Zenter bleiwen, véier Euro.

Dat hei ass déi drëtt Moosnam, déi elo mat deemem Projet de loi ëmgesat gëtt. Dat heescht, deene Verantwortlechen, wéi de Rapporteur - deem ech Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndlechen gudden Bericht, duerfir brauch ech och net vill an den Detail ze goe vum Gesetz -, wou mer de Leit méi Zäit ginn, oder déi Leit méi Zäit zur Verfügung hu fir administrativ Aufgaben, ob dat zum Beispill d'Erstelle vun de Permanencëleschten ass, ob dat den Entretien vum Ersatzmaterial ass oder soss Saachen. An et fale vill Saachen un. Dat ass dat, wat hei geschitt.

Mä wou ech elo wëll e wichtige Message, deem ech hei wëll der Chamber ginn an och dem Här Etgen am Speziellen, fir him ze soen, dass ech, mengen ech, grad just am Dialog grad déi Saach richtig maachen. Mir hunn Aarbechtsgruppen, déi sinn amgaangen, déi eenzel Aspekter vun der Reform duerchediskutéieren.

An elo komme mer am Fong geholl zum Kär vun där ganzer Diskussioun, an zwar der Form, wéi deem Etablissement soll funktionéieren herno respektiv déi finanziell Approche vun deem Ganzen. An do wëll ech an deenen nächste Wochen - ech soen dat kloer an däitlech, dat wier an dräi, véier Wochen - mam Syvicol a mat der Stad Lëtzebuerg wierklech an direkte Gespréicher kucken, wéi mer dee Kader setzen, fir déi finanziell, fir d'Finanzéierung vun där ganzer Reform. Dat soll geschéien. Déi national Struktur, déi muss esou séier wéi méiglech op d'Bee gestallt ginn.

Mir wëssen awer allegueren heibannen, dass Sécherheet an deemem Beräich oder eng Reform an deemem Beräich net zum Nulltarif ze kréien ass. Dat ass nun eemol esou! Dat wäert eppes kaschten, an de Stat an d'Gemenge mussen hir Effortien zesumme maachen. Ech si prett, do Diskussiounen ze féieren, fir dann eben dese wichtige Projet de loi, deem ech dëst Joer wëll nach op den Instanzewee schécken, kënnen ze déposéieren. Dat ass meng Strategie.

Ech hat bis elo eng kloer Linn, ech behalen eng kloer Linn an ech wëll dat am Dialog maachen. An deenen nächste Woche kucke mer, dass mer konstruktiv a wierklech proaktiv zesummeschaffen, am Sënn vun der Saach, ouni Polemik. Wa mer dat fäerdegbréngen, an ech fannen, mir hunn dat elo laang fäerdegbruecht, da kréie mer des wichtige Reform - an do deelen ech d'Meenung vun alle Spriecher heibannen - fir eis Biergerinnen a Bierger, da kréie mer déi och esou duerch, wéi mer dat gären hätten.

Duerfir soen ech der Chamber Merci, dass se haut dese Projet de loi, deem e weidert Stéck vun deem Puzzle ass, dat eis e Bild soll gi vun engem performante Rettungswies hei zu Lëtzebuerg, wou e Plan national, wou e gewësene PNOSS, also e Plan national d'organisation des services de secours eis soll de Wee weisen. Dat ass e Bild, dat mer mussen zesummen zeechnen.

Ech maachen dat net am Alleingang, Här Etgen, ech maachen dat wierklech mat alle Leit um Terrain, an duerfir dauert et leider esou. Well et gëtt keng Reform, wou ee mat Bénévolé schafft, kann een net duerchbaatschen. Do muss ee mat de Leit schwätzen. Et ass dat, wat ech maachen. An ech komme gären nach eng Kéier dëst Joer erëm, fir iwwert des Reform ze schwätzen. An ech hoffen och, dass ech dëst Joer nach kann dee Projet de loi op den Instanzewee ginn.

Merci!

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci, Här Innenminister.

Da komme mer elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6453 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmme. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6453 ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmme.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank (par M. Lucien Clement), MM. Léon Gloden (par M. Marcel Oberweis), Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler (par M.



Paul-Henri Meyers), Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Scheuer), Lucien Lux (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schreiner;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Claude Meisch), Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Carlo Wagner (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox (par M. Félix Braz), Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser;

MM. Jean Colombero et Jacques-Yves Henckes;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Da komme mer elo zu dräi Änderungsverschléi vun eise Chambersreglement. Déi ginn an enger Diskussioun behandelt. D'Wuert kritt elo de Rapporteur, den Här Gibéryen.

► **Une voix.** - Très bien!

13. 6484 - Proposition de modification du chapitre 7 «Des pétitions» du Titre V «Procédures et dispositions particulières» du Règlement de la Chambre des Députés

6508 - Proposition de modification du chapitre 14 du Titre V «Procédures et dispositions particulières» du Règlement de la Chambre des Députés

6515 - Proposition de modification du Règlement relative à la procédure applicable aux grands projets d'infrastructure

Rapports de la Commission du Règlement sur les propositions de modification du Rè-

glement de la Chambre des Députés n°6484, n°6508 et n°6515

► **M. Gast Gibéryen** (ADR), *rapporteur.* - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Reglementskommissioun proposéiert der Chamber dräi Ännerunge vun eise Reglement.

Déi éischt Ännerung, déi ass vun der Petitiounskommissioun ugereegt an agereecht ginn a betrëfft den Artikel 155 iwwert, wéi et normal ass, d'Petitiounen a virun allem iwwert d'Prozedur, wann déi Petitiounskommissioun en Avis oder eng Meenung un den zoustännege Minister areecht, dee fir deen Deel vun der Petitioun zoustännege ass. Hei maache mer elo an eist Reglement eng Prozedur, déi, an hirem gréissten Deel, identesch ass, wéi mer se och bei de Questions parlementaires hunn.

Wann also e Minister vun der Petitiounskommissioun gefrot gëtt, fir opgrond vun dem Inhalt, deen an där Petitioun ass, eng Prise de position ze huelen, dann huet de Minister ee Mount Zäit, fir dorobber ze äntwerten. Mengt de Minister, hie kéint déi Äntwert am Zäitraum vun engem Mount net ginn oder formuléieren, huet en d'Méiglechkeet, fir beim Chamberspräsident en Délai supplémentaire vun engem Mount ze kréien, deen dann de Chamberspräsident em kann accordéieren. Huet en no deem Mount och nach keng Äntwert schrëftlech ginn, kann d'Petitiounskommissioun de Minister an d'Kommissioun invitéieren, wou en da mëndlech muss op déi Froen äntworten.

Deen zweeten Deel, wat d'Ännerungen ubelaangt, wat d'Petitiounen ubelaangt, ass, d'Reglementskommissioun huet sech Gedanke gemaach iwwert d'Relatioun tëschent der Petitiounskommissioun an deenen eenzelnen zoustännege Fachkommissiounen, wann eng Petitioun agereecht gëtt, déi zum Deel och ënnert d'Kompetenz géif vun enger Fachkommissioun falen.

D'Kommissioun huet duerfir proposéiert, fir datt an deem Fall, wou an enger Petitioun och e Sujet géif behandelt ginn, deen, wéi gesot, ënnert d'Kompetenz vun enger Fachkommissioun fält, dann d'Petitiounskommissioun, déi zoustännege, déi respektiv Fachkommissioun muss iwwert d'Existenz vun där Petitioun informéieren.

An zweetens kann awer och d'Petitiounskommissioun eng Prise de position bei engem Minister froen, a wa se eng Prise de position beim Minister freet, muss se déi zoustännege Fachkommissioun doriwwer informéieren, datt se

de Minister ëm eng Fro gebieden huet. Se kann och higoen an en Avis vun der zoustännege Fachkommissioun froen.

Mir wollten dat an d'Reglement och mat eraersetzen, well eben och d'Suerg war, wa Froen erakommen, déi reng an der Petitiounskommissioun waren, déi awer eng zoustännege Fachkommissioun och betreffen, datt déi zumindest misst informéiert ginn an och e Matsproocherecht hätt, fir eventuell en Avis der Petitiounskommissioun mat eranzeginn.

Dat ass déi éischt Ännerung vun eise Reglement, wéi gesot, am Zesammenhang mat de Prozedure vun der Petitiounskommissioun.

Déi zweet Ännerung ass am Fong eng ganz kleng: Do gëtt de Chapitre 14, Titel V vun eise Reglement gestrach, an zwar am Zesammenhang mat der Finanzéierung vun de Parteien am Kader vun Dépensen, déi se hu bei Chamberswahlen respektiv Europaparlamentswahlen.

An eise Reglement stoung dran, wéi d'Prozedur wier, fir datt déi Parteien do kéinten e Remboursement kréie vun engem Deel vun de Käschten, déi se bei Europa- oder Nationalwahlen haten. Dat Ganzt ass awer an d'Gesetz vun der Parteifinanzéierung vum 16. Dezember 2011 integréiert ginn, soudatt et net méi brauch an eise Chambersreglement ze stoen.

Duerfir ass déi zweet Proposition, fir dann eben deen Deel aus dem Chambersreglement ze sträichen.

Déi drëtt Ännerung, déi mer proposéieren, déi geet op eng Resolutioun zrëck vun der Chamber vum 13. Mee 2009 iwwer eng Prozedur vun de groussen Infrastrukturprojeten. Deemools huet d'Comexbu - oder Commission du Contrôle vun der Exécution budgétaire - mat deem zoustännege Minister eng Prozedur ausgeschafft, wéi an Zukunft de Minister an déi zoustännege Kommissioun géifen de Suivi vu grouse Projete maachen, an dat am Zesammenhang wéi mer higaange sinn a mer hunn d'Gesetz geännert, wou de Seuil fir grouss Infrastrukturprojete vu 7,5 op 40 Milliounen erhéicht ginn ass, wou d'Regierung muss e Projet de loi virleeden.

Well do de Montant vu 7,5 op 40 Milliounen eropgaangen ass, huet d'Chamber deemools an der Resolutioun festgehalen, datt déi Prozedur soll kommen, datt och d'Regierung verpflichtet wier, d'Chamber als Contrepartie dann awer iwwer all wichtege Projet, deen zumindest iwwer zéng Milliounen geet, um Lafenden ze halen.

An dat ass déi Proposition, deen Accord, deen deemools tëschent der Comexbu an dem zoustännege Minister festgehalen ginn ass, dee kënnt dann elo an d'Reglement stoen, wou, éischters, et eng Obligatioun vum Minister ass, all sechs Méint e Bilan financier iwwert déi grouss Infrastrukturprojeten där oder deenen zoustännege Chamberskommissiounen ze presentéieren.

Den zweete Punkt doranner ass, datt all Changement important vun engem Projet, deen nom Vote vum Gesetz stattfonnt huet, muss engem neien Exame vun der Chamber ënnerleien. Am Prinzip geet dat dann an déi zoustännege Fachkommissioun, déi kuckt, wat dee Changement important ass, an dann als Kommissioun ka se soen, mir ginn eisen Accord dozou. Oder wa se mengt, et wier méi important, da ka se och der Chamber proposéieren, eng Motioun ze stëmmen, a se kann esou wäit goen, datt se seet, se wier der Meenung, de Changement wier esou grouss, et misst en neit Gesetz gemaach ginn.

Mä, wéi gesot, e Changement important, dat huet elo net dermat ze dinn, wat de Finanzement vum Projet ubelaangt, mä dat ass, wat d'Ausrichtung vum Projet ubelaangt, wann do e wesentleche Changement géif kommen.

Deen drëtten Punkt an deem Accord, deen an d'Chambersreglement integréiert ass, wat festgehalen ginn ass: datt en neie Projet de loi muss kommen, wann dee votéierte Kredit méi wéi 5% dépasséiert gëtt. An deem Fall ass d'Regierung obligéiert, en neie Projet de loi ze maachen. An deem Fall, wou en Dépassement vum votéierte Kredit ass, awer net méi wéi 5% oder manner wéi 5%, da muss deen zousätzleche Kredit iwwert d'Budgetgesetz autoriséiert ginn.

Dat sinn déi dräi Propositionen, déi d'Reglementskommissioun eestëmmege ugeholl huet an och duerfir der Chamber proposéiert, fir se haut hei ze stëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Gibéryen. Wëllt nach een dozou d'Wuert huelen? Wann dat net de Fall ass, géife mer iwwert déi eenzel Änderungsverschléi elo ofstëmmen. Fir d'Éischt den Änderungsverslag 6484.

Vote sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés n°6484

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

- L'actualité parlementaire sur **www.chd.lu**
- Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur **www.chd.lu**.
- La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur **www.chd.lu**, avec quiz, information et vidéo.

- L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre **www.chd.lu**.
- Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images, sur **www.chd.lu**.
- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.